AKADEMISCHER VEREIN D´LETZEBUERGER

Seit 1897 Templergraben 55 D-52056 Aachen e.V. RWTH Aachen

Oochen am Abrell 2010

Communiqué fir d'Summersemester 2010

Leif AVL'er,

En neit Semester huet rem ugefaangen, an den Komitee ass frou ierch mat desem Communiqué iwwer all wichteg Eventer am Summersemester 2010 kennen z'informéieren.

Wei gewosst ass de **17. Abrell** eisen legendären **Chaos-Bal** zu Biereng bei Miersch, wou mer hoffen vill Leit remzegesin.

Ab dem **21. Abrell** kenn dir dann och lo rem all Mettwochs fun 18:00-20:00 **Beachvolleyball** spillen goen. Fir des Aktivitéit froen mer Een € pro Persoun an Daag.

Wéi all Joer steet dann och lo glaich rem den **Tournoi de l'Ambassadeur an den Roi National** virun der Diir, wou mir frou wieren iech all begréissen ze kennen. Dest Event fennt dest Joer den **22. Abrell zu Breissel** statt, an mir wieren frou wann eng Rei Leit do mat géifen kommen.

Den **24. Abrell** geet et op **Karlsruhe** fir den **Daag am Mee** mat Sport an Gedrénks ze feiren.

Den 7. Mee gin mer Kaarting op Grüfflingen (bei St. Vith) fueren. Genau Détailer kommen do nach no.

Den **11. Mee** kommen mir dann zu engem ganz amüsanten an seffegen Daag vum AVL, an zwar d' **Belscht Béierfest**.

Den **13. Mee get de Karlspraiss** iwwerreecht, wou natiirlech net op een oder deen aaneren Patt verzicht get.

Eis **Rees geet dest Joer fum 27. Mee bis den 30. Mee op München** wou mir dann och waerten deels kulturell an deels manner kulturell Saachen Erliewen. Eis géif et freen wann dir dobai wiert.

Och dest Joer get en **Staffellaaf organiseiert,** wou mir vun Oochen bis op Letzebuerg laafen, an zwar waerten mir bis an den Süden (Bettembourg) laafen. Desen Event ass den **18. respektiv den 19. Juni,** an do ass natirlech och all Member wellkomm, ob sportlech oder net.

Mett Juni geet et op **Kaiserslauteren Beachvolleyball** spillen, also Avis aux amateurs...

Och 2010 fennt den **24. Juni** d' **Ponttorfeier statt.** Jiddfereen daerf, soll, an hoffentlech kann do dobai sin, daat ass een vun villen leschtegen Nowender beim AVL.

Uffanks Juli get spontan e klengt Grillfest organiséiert fir eis Memberen.

Wou nach keng genau Datumer festleien ass bei eisem **Futtballsmatch géint d' Ancien'en vum AVL**; weider Informatiounen deelt iech eisen Sportsminister sou seier wei meiglech mat.

Mett Juli kommen mir dann schon rem zum **Summercup**, woubai mir all Member gaer wellkomm heeschen; weider Détailer dozou kommen rechtzeitzeg no.

Fir weider Ideen, waat een nach sou am Semester kann zesummen ennerhuelen, de Komitee huet grouss Oueren fir nozelauschteren, also gaeren mellen.

Op eiser Hompage www.avl.lu fannt dir déi néideg Informatiounen an dir kritt mat

Secherheet och meechtens via Mail gescheckt waat demnächst virun der Diir steet.

Den Komitee wenscht ierch en erfollegreicht Semester, an hofft dass dir op all desen Eventer vill Spass hutt.

Vive den AVL
Vive den Comité
Vive den Männerchouer
Vive den Judo-Minister
Vive den Hoschi en nature
Vive den Grand-Duc
Vive Oochen
Vive Letzebuerg
Vive an de Kaktus

Fir den Comité
D'Bina